Formatioun am Grupperot

"An de Grupperot gehéiert ënner anerem och Formatioun. Et as um Gruppechef/taine, sech dëser Saach unzehuelen a sech Gedanken doriwwer ze maachen."

Mat dëser Behaaptung stousse mer sécher bei munech Gruppechef/taine op Oppositioun, an ech héieren se elo schons soueren: "A wat nët nach alles? Et huet ee kaum Zäit genuch, d'Organisatioun vun den alljährlechen Aktivitéiten ewéi Bazar, Krëschmaart, Theater, Wisen- a Bëschfest, Porfest, etc., ze plangen. Et muss iwwer Sortien, Weekender a Campénger geschwat gin. Et musse Problemer mat Kanner, mat Elteren oder ënnert de Chef a Cheftainë geléist. gin. Wou bleift dann nach Plaz fir Formatioun?"

An dach wär et wichteg, wann am Grupp eng gewësse "Formation continue" nët vernoléissegt géif gin. Hei huet de Gruppechef eng Missioun.

Motivéiere fir d'Formatioun am Verband

Um Gruppechef/taine as et, fir séng jonk Chef a Cheftainen ze motivéieren, hir Formatioun unzegoen an se och ofzeschléissen. Hie kann op hir Verantwortung pochen, hie kann d'Daten ervirsträichen, hie kann e perséinlecht Gespréich mat engem hun, hie kann am Grupperot déi zu Wuert komme loossen, déi mat flotten Erfarunge vun engem Formatiounsstage erëmkommen.

Et as och gutt, wann de Gruppechef am Ufank vum Joer un de Recyclage erënnert, wann e séng Cheflëscht nokuckt an déi Leit, bei dene geschwënn eng Erneierung vun der Ernennung fälleg as, drop opmierksam mécht, an och selwer mam gudde Beispill virgeet.

Eegen Initiativen huelen

Am Laf vum Joer bidden sech dacks Themen aus dem gesellschaftleche Liewen un, bei denen et intressant wär, d'Menung vun aneren ze héieren. Et kann ee roueg mol sou en Thema am Grupperot als Diskussiounssujet huelen, an d'Chef/tainen uregen, Positioun duerzou ze huelen.

Wann e Grupperot op as, fir zesummen e Weekend ze verbréngen, da soll een nët zécken, dat duerchzeféieren. (Esou e Weekend kann ënner bestëmmte Conditiounen als Recyclage ugerechent gin). Et geet awer och mat manner Zäitopwand. Mir huelen äis am Joer wéinstens eemol (wann et geet zweemol) jhust een Nomëtteg fir de ganze Grupperot. Et gët en Thema behandelt, et gët a klenge Gruppe geschafft, et gin nei Spiller ausprobéiert, an et gët gemittlech zesumme giess. Esou en Owend huet och nach de Virdeel, d'Zesummegehéieregkeet an d'Gemeinschaft vum Grupp ze stäerken.

Et muss nët ëmmer no Formatioun richen. Et kann ee proposéieren, zesumme mam Grupperot e gudde Film kucken ze goen an duerno bei engem gemittleche Patt doriwwer ze diskutéieren, wat de Message vum Film as, ob d'Problematik vum Film sech och an eisem Milieu, an eisem Grupp stellt oder ob den Opwand, déi vill Reklam fir dee Film ganz einfach iwwerdriwwe sin. Dat selwecht kann ee maache mat engem Videofilm, dien een am "Info-Video-Center" geléint kritt. (D'LGS sin do Member; de Katalog vun de Filmer kann een sech am DZ ukucken.)

Vun Offëre vu bausse profitéieren

An enger Uertschaft bidden d'Gemeng oder ee Veräin dacks en Owend un iwwer Theme wéi Drogeproblemer, Aidsopklärung, Rassismus, Kannermësshandlung oder Sekten,... Och vun esou enger Offer kann ee profitéieren a mam Grupperot oder engem Deel dervun un deem Owend deelhuelen, a sech virdru vläicht e puer Gedanke maachen an e puer Froen opschreiwen.

Den Erléis vum Bazar oder Krëschtmaart gët am Grupperot fir e gudden Zweck bestëmmt, z.B. fir autistesch Kanner, Médecins sans Frontières, Tchernobyl-Kanner, Hëllef Doheem, Senegal,... Flott as et a

ganz informativ, wann ee virdrun oder beim Iwwereeche vum Scheck e Vertrieder vun däer Associatioun komme léisst, deen eng hallef Stonn (oder méi) iwwert d'Fonctionnement, d'Ziler an d'Problemer vun sénger Associatioun schwätzt, deen engem seet wat elo konkret mat dësem Geld geschitt.

D'Formatioun kann och emol praktesch ausgesin. Beispill: an all Scouts- oder Guidechalet-e si Feierläscher. Vun Zäit zu Zäit kann een d'Pompjeë komme loossen, déi den alen an neie Chef/taine weisen, wéi e Feierläscher ze bedéngen as, déi eng Demonstratioun gin, wéi een e brennend Dëppen oder e Feier dobausse séier a sëcher ënner Kontroll kritt. Si klären een iwwer Virsiichtsmoossnamen op, a wéi ee Panik bei de Kanner ka vermeiden.

Och fir éischt Hëllef kann ee sech vu kompetente Leit beléiere loossen, a mat hirer Hëllef verschidde praktesch Übungen duerchféieren.

Allerlee Beräicher

E Grupperot, dee gutt fonktionéiert, as fir d'Chef/tainen e wäertvolle Formatiounsterrain. Duerch d'Praxis léiere si villes bäi a Beräicher wéi
- Charakterformatioun
- Perséinlech Zäitandelung
- Cooperative Féierungsstil
- Problem- a Konfliktléisung
- Ableck an déi aner Branchen
- Organisatioun vun Aktivitéiten
- Administratives
- Kontakter no baussen, Elterenaarbecht
- Meditatioun a Glawensbildung.

De Gruppechef/taine kann sech ëmmer un de Formatiounscommissaire oder un d'Zentral vum Verband wenden, wann e bei der Formatioun Hëllef brauch.